Lëtzebuerg, den 17. August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Regierung leet bekannterweis grousse Wäert op d'Attraktivitéit vum ëffentleche Persounentransport.*

*No der Restrukturéierung vum RGTR vum 17. Juli 2022, bekloe sech Bierger aus der Gemeng Rammerech iwwer d'Ubannung vu verschiddenen Uertschaften un d'RGTR-Netz.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Firwat hunn d'Uertschaften Holtz, Pärel, Wolwen, Héi-Maartel an Maartel-Roumecht nom neie Fuerplang vum 17. Juli 2022 keng direkt Ubannung méi u Rammerech fir do d'Korrespondenz op Woltz, Ettelbréck an an d'Stad ze garantéieren?*
- *Firwat fiert d'Ligne 141 (Ligne 622 bis zum 17.07.2022) net méi duerch Holtz a Pärel um Wee fir op Woltz? Holtz a Pärel hunn nämlech haut keng direkt Ubannung méi op Woltz an Ettelbréck."*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten